Edmond de la Fontaine, genannt **Dicks**

Säi Liewen



Den **Edmond de la Fontaine**, genannt **Dicks**, ass gebuer de 24. Juli 1823 um Knuedler an der Stad Lëtzebuerg, a gestuerwen de 24. Juni **1891 zu Veianen, mir feieren also dëst Joer den 125 Anniversaire vu sengem Doudesdag.** Den Dicks war Jurist an Auteur vu lëtzebuergesche Kaméidistécker, Gedichter a Lidder, an och verschiddene Fuerschungsaarbechten.

Hie war de Brudder vum Alphonse de la Fontaine a vum Léon de la Fontaine.

De Lucien-Irvin-Edmond de la Fontaine war den drëtte Jong vum Gaspard Théodore Ignace de la Fontaine an der Joséphine Francq. 1841 gëtt dem Dicks säi Papp vum Kinnek Wëllem II. vun Holland zum Gouverneur vum Groussherzogtum Lëtzebuerg ernannt.

Nodeem den Dicks 1844 seng Première am Kolléisch gepackt huet, geet hien op d'Universitéite vu Léck an Heidelberg studéieren. Am Juli 1847 verléisst en d'Uni. Nodeem hien 1850 den Eed als Affekot geleescht hat, gëtt hien 1852 zum zweeten Ergänzungsriichter um Friddensgeriicht an der Stad ernannt, ee Joer drop zum éischten.

Obschonn hien aus enger aristokratescher Famill gestaamt huet, war hien ëmmer no beim normale Vollek. Nieft senger Léift fir d'Musek, d'Poesie an der lëtzebuergescher Kulturgeschicht, hat och de Phenomen vum Perpetuum Mobile him et ugedoen. Sou hat hie sech seng eegen Nätzanlag, mat Waasser aus enger Nopeschbaach, fir säi Gaart gebastelt.

Zu Réimech hat hien, ouni Succès, eng Wiewerei opgemaach.

Vun 1867 bis 1870 war den Dicks Buergermeeschter vu Stadbriedemes. Hei huet hie mat senger Fra Elise Dutreux (1828-1907) , déi hien 1858 bestuet hat, am Schlass gewunnt.

De 5. Januar 1881 gëtt hien zum Friddensriichter vum Kanton Veianen ernannt. Hien huet bis zu sengem Doud 1891 zu Veianen gewunnt. Zwee Joer méi spéit gi seng stierflech Iwwerreschter op Stadbriedemes an d'Familljegraf iwwerfouert.

Den Dicks hat zwéi Jongen, den Alfred an den Adrien, an e Meedchen, d'Eugénie.

Säi Wierk

Eng Oplëschtung vum Dicks senge Musekskompositioune staamt aus dem Katalog vun der Dicks-Ausstellung, déi am Joer 2009 am nationale Literaturzentrum zesummegestallt an ausgestallt gouf.

De 5. November 1848 publizéiert de *Volksfreund* e satirescht Gedicht, dat op eng genësslech Aart a Weis de Spunnes mat dem parlamentaresche System mécht, et ass *D'Vulleparlament am Gréngewald.* Den Dicks, als Gouverneursjong, gouf domat op eng speziell Manéier séier bekannt.

Am Ganzen huet den Dicks tëscht 1848 an 1885 eng 60 Gedichter geschriwwen, nieft dem *Vulleparlament* ass *De Wëllefchen an de Fiisschen* wuel am bekanntsten.

Den Dicks huet 14 Kaméidistécker geschriwen:

- De Scholdschäin,
- De Koseng
- D'Mumm Séis
- D'Kiermesgäscht
- De Ramplassang
- Op der Juegd
- De Grengor
- Den Här an d'Madame Tullepant
- En ass rosen
- De Veianer Wäissert
- Nondi Kass!,
- Eng Stëmmung
- De Schouster Boubou (Fragment)
- Um Friddensgeriicht

Den Numm Dicks

Et ass vill doriwwer gerätselt ginn, wou dem Edmond de la Fontaine säi Pseudonym Dicks hierkënnt.

No enger vu méi Geschichten krut den Edmond de la Fontaine säi Spëtz- a spéideren Dichternumm während senger Studentenzäit am Kolléisch, well hien dat franséischt Wuert "dix" (zéng) op Däitsch ausgeschwat an "dicks" gesot hätt.